adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 FEV. 2016
1843

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Februar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Ech wollt dem Här Finanzminister folgend Froen zum Dossier Spuerkeess stellen.

1. Den Här Jean-Claude Finck (ass genannt bis den 15. Februar 2016), huet d'"démission de ses fonctions" accordéiert kritt op den 1ten Mäerz 2016.
2. Säit wann weess den Minister Bescheed, datt e Successeur fir den Här Finck gebrauch gëtt?
3. Wien iwwerhëlt dat Amt?
4. Per 1. Mee 2016 ass d'"démission de ses fonctions" dem Här Gilbert Ernst accordéiert ginn. Ginn et do Gespréicher mat Kandidaten?
5. No dësen zwou Demissiounen muss den „Comité de direction"mat dräi Leit funktionéieren: Dat geet menges Wëssens de Statuten no, mais ass dat wënschenswäert bei engem Betrib, wou 1.800 Leit schaffen ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 MARS 2016

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 LUXEMBOURG

Référence : 814xe956b

Luxembourg, le 15 mars 2016

Concerne : Question parlementaire n° 1813 du 15 février 2016 de Monsieur le Député Roy Reding concernant la Banque et Caisse d'Épargne de l'État

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Etienne REUTER
Premier Conseiller de Gouvernement
Secrétaire général

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

Äntwert vum Här Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro 1813 vum 15. Februar 2016 vum honorablen Deputéierten Roy Reding

Sou wéi d'Spuerkeess dat an hierem Communiqué de Presse vum 26. November 2015 scho präziséiert hat, huet den Här Finck dem Finanzminister am September 2014 matgedeelt, dass hien kee weidert Mandat als Generaldirekter vun der Spuerkeess ustriewe géif.

Fir d'Nofolleg souwuel vum Här Finck wéi och vum Här Ernst, huet de Finanzministère den 28. November 2015 een Appel à Candidatures publizéiert.

Ennert allen Dossieren, déi eragereecht goufen, konnten eng Rei Kandidaturen zréckgehal ginn, an de Minister huet déi Leit och fir ee Gespréich gesinn.

D'Nominatiounen vum Generaldirekter a vun de Memberen vum Direktiounscomité vun der Spuerkeess ginn iwwert de Wee vun engem Arrêté grand-ducal gemaach, no Avis vum Conseil vun der Bank, sou wéi dat am Artikel 19 vum Gesetz vum 24. März 1989 virgesinn ass. Well d'Spuerkeess eng systemesch Bank ass, mussen déi Leit och vun der Europäescher Zentralbank (EZB) agreéiert ginn. Soubal d'EZB hier Decisioun geholl huet am Bezuch op déi Kandidaten, déi de Finanzminister zréckbehalen huet, kënnen déi entspriechend Kandidaturen dem Regierungsrot virgeluecht ginn.

An der Zwëschenzäit fonctionnéiert d'Spuerkeess mat engem Direktiounscomité vun 3 Leit, wat keng besonnech Problemer mat sech brëngt.